

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg
Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister an un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Zu lechternach entsteet déi nei Sportshal vum Lycée op engem ganz ëmstriddene Zitt. Am Haff vun der eemoleger Primärschoul, direkt hannert dem historesche Gebai vun der Orangerie a ganz no un der Sauer.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Kulturminister an un den Här Schoulminister.

- 1) Ass de Bau vun dëser Sportshal landschaftsbildlech mam Denkmalschutz kompatibel?
- 2) Gouf dozou Fro en Avis vum Service des Sites et Momunents ageholl? Wann net, firwat net?
- 3) Kann den Héichwaasserschutz op dëser Plaz garantéiert ginn?
- 4) Wéi eng aner Zitte goufe consideréiert? Wéi eng Krittären hunn dogéint geschwat?

Mat déiwem Respekt,


Fred Keup
Deputéierten

Gemeinsam Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson, dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend Claude Meisch, an der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung Carole Dieschbourg op d'parlamentaresch Fro n° 3985 vum 30. Mäerz 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup

Den honorabelen Deputéierte saiséiert eis mat enger Fro iwwert de Bau vun enger neier Sportshal vum lechternacher Lycée. De Bau vun dëser Sportshal ass landschaftsbildlech mam Denkmalschutz kompatibel. D'Parzell hannert der Orangerie ass net klasséiert, a vum urbanistesche Standpunkt hier gouf fir d'Implantatioun vun der neier Sportshal festgeluecht, dass d'Mëttelachs vun der Sportshal d'Mëttelachs vun der Orangerie ophuele muss. De neie Bauwierker dierf dobäi keng negativ Auswirkung op d'Promenade laanscht d'Sauer hunn. Duerch d'Uplanze vu Beem am direkten Ëmfeld vun der Sportshal soll de begrëngten Hannergrond vun der Orangerie nees hiergestallt, an eng Integratioun an d'Landschaftsbild vum Park garantéiert ginn.

De Service des sites et monuments nationaux war bei der Bestëmmung vum gëeegente Site mat agebonnen, well den Ensembl vum der Abtei als nationaalt Monument klasséiert ass. Zanter dem 20.02.1965 ass de Site mam Park bis bei d'Promenade national geschützt.

Zum Volet Héichwaasserschutz gouf et am Kader vum Gesamtprojet "Campus Echternach" eng Etüd (Plan directeur Eau) déi vun engem lëtzebuergeschen Ingenieurbüro ausgeschafft gouf. An dëser Etüd ass festgeluecht ginn, wéi den Ëmbau vum Site héichwaasserneutral ka realiséiert ginn, an dat während der Bauphas vun deenen eenzele Gebaier an Infrastrukturen, wéi och no der Fäerdegstellung vum Gesamtprojet.

Konkret zu der Sportshal war 2019 eng waasserrechtlech Geneemegung vun der Administration des batiments publics bei der Administration de la gestion de l'eau ugefrot ginn. An dëser ass ënnert anerem den Héichwaasservolet gekuckt, an den Dossier autoriséiert ginn. Deementspreechend entsprécht d'Planung vun der Sportshal den aktuelle gesetzlechen Ufuerderungen vum Waassergesetz an den Ziler vum Héichwaasserrisikomanagement.

Et goufe fënnef verschidde Plazen zu lechternach fir de Bau vun der Sportshal consideréiert : Den Terrain hannert dem Lycée, den Terrain „a Kack“, den neie Komplex vun der Primärschoul, den Terrain nieft der Orangerie, an de Site hannert der Orangerie, dee schlussendlech zréckbehale gouf. Déi véier aner Sitten goufen net zréckbehalen well eng Sportshal op deene Plazen entweder den architektoneschen Ensembl vum der Abtei oder d'Bild vun der Orangerie gestéiert hätt, respektiv well d'Weeër tëschent dem Lycée an der Sportshal ze wäit wieren, oder den Terrain aus archeologesche Grënn schwéier bebaubar wier.